


LUX:PLORATIONS

E FUERSCHUNGSUNIVERSUM





- ① Maison du Savoir
- ② Food House
- ②① Food Lab
- ③ Luxembourg Learning Center
- ④ Maison des Sciences Humaines
- ⑤ Maison du Nombre
- ⑥ Maison des Matériaux I
- ⑦ Maison des Matériaux II
- ⑧ Maison de la Biomédecine I
- ⑨ Maison de la Biomédecine II
- ⑩ Maison de l'Innovation
- ⑪ Halles d'Essais Ingénieurs
- ⑫ Maison des Arts et des Etudiants
- ⑬ Studentewunnheem „Uni-Val I“
- ⑭ Studentewunnheem „Uni-Val II“

Schatzsich um Campus Belval



SPILL MAT

- * Hëllef eis, 7 Kreaturen ze fannen, déi sech um Campus verstoppen
- * 5 Personnagen op dëser Kaart hu sech an de Geschichte vum LUX:plorations-Comic verluer. Hëllef eis, se erëmzefannen.





INHALTSVERZEECHNES



| | |
|--|--------------------------|
| Dem Zamara an dem Yso hir Schatzsich | 1 |
| Duerch Geescht a Raum | 3 - 4 - 9 - 14 - 19 - 20 |
| Firwat esou zerstreet? | 5 |
| Eng quantastesch Rees | 10 |
| Watt ass lass? D'Chronike vum Smart Grid | 15 |
| D'Leit hannert de BDen | 21 |

Wëssenschaft trëfft op Konscht



Den drëtte Band vun LUXplorations ass e Game Changer! E bréngt nach ëmmer Fuerscher a Kënschtler aus Lëtzebuerg zesummen, fir spannend Wëssenschafts- an Abenteuergeschichten ze erzielen, mee dës Kéier stellen déi eenzel Geschichten en Deel vun enger méi grousser Erzielung duer.

Daucht an an Episoden aus dem Najma sengem Liewen, eiser Protagonistin, déi déi groussaarteg Méiglechkeete vun der Zesummenaarbecht verkierpert. Vum Choix vum Numm (deen op Somalesch „Stär“ bedeit an op Arabesch un d'Wuert „Astronomie“ erënnert) bis zur Gestaltung vu sengem Ausgesinn huet d'Ekipp zesummegeschafft, fir hatt an d'Liewen ze ruffen. Mir hoffen, iech gefält de Personage an d'Geschichten esou gutt wéi eis d'Aarbecht, déi mir dragestach hunn. A vergiesst net, eist Campuskaarten-Sichspill an deem Band ze spillen!

Jessica Burton
Mentorin




D'**Zamara** ass eng galaktesch Austauschstudentin (e bësse wéi Erasmus, mä vill méi wäit ewech) vum Planéit Liquaria. Hatt ass deen éischte Liquarianer, dee säi Planéit fir en Austauschjoer verléisst! D'Äerd ass ganz anescht wéi säi Planéit – hatt huet nach ni eppes héiere vun esou skurrile Konzepter wéi „Krich“ a „Geschlecht“, mä lues a lues léiert hatt wéi d'Mënsche funktionéieren. D'Zamara huet geléiert datt verschidde Geschlechter op der Äerd existéieren, zum Beispill weiblech, männlech, net-binär, transgender, genderfluid an agender. Och wann d'Liquarianer net tëschent de Geschlechter ënnerscheiden, wëll d'Zamara wärend sengem Openthalt op dem Planéit Äerd als weiblech ugesi ginn. Hatt platzt vu Virwëlz a wëll all Méiglechtes iwwer seng mënschlech Frënn zu Lëtzebuerg léieren. Heiansdo kritt hatt och Problemer, wann hatt sengem beschte Frënd, dem Hond Yso, nolafe muss.


Den **Yso** (wéi dat englescht „why-so?“ ausgeschwat), dem Zamara säin treie Begleeder, ass wéi all Hond immens abenteuerlëschtteg – mä wann hien (den Yso huet decidéiert, männlech ze sinn) eppes ësst, wat en net soll, da kréie mir en Abléck a säi Banneliewen! Wann hie Loscht huet, kann hien och seng Form änneren a sech verflëssegen! Cool, oder? Dat wier et, géif hie sech net ëmmer duerch d'Bascht maachen an duerch Splécke glëtschen, sou datt d'Zamara an der ganzer Uni no him siche muss!



Mars, Joer 2048, Spatiogare vum Terraformatiounssite.



Mee heiansdo fillen ech mech éischer wéi e Bau-Bot, an net wéi e Fleege-Bot. Dat ass domm, ech weess, well ech si kee Bau-Bot. Mee ech fille mech awer och net wéi e Fleege-Bot. Ech si warscheinlech einfach nëmmen e blöden Näischt-Bot.



Dat erënnert mech un en Deel iwwer Psychologie a Moud aus menger Dissertatioun ...



Et gouf eng kéier e Psychanalyst, deen John Carl Flügel geheescht huet.



Hien huet d'Psychologie hannert de Kleeder erfuerscht an huet e Konzept erfonden, dat "Grousse Verzicht" genannt gëtt.



D'Iddi ass, datt d'Männer op Visualitéit verzicht hunn ...

Si hunn un d'Performativitéit vun de Kleeder gegleeft. Wann s de dech esou undees wéi s de wëlls sinn, da gëss de sou wéi s de ugedoe bass!

Vill Ënnerkulture hu géint dës Iddi gekämpft.

Dat weist, datt d'Moud sech ëmmer bannent dëse géigesätzlechen Ideologien beweegt. Sech deenen aneren upassen an dobäi sech selwer fannen. Et geet drëm, dän onsiichtbaart Ech siichtbar ze maachen.

mee d'Frae mussen sech erausfizen, fir gutt auszegesinn ...



Dee Punkt fannen, wou s de net méi dee bass, deen s de waars, mee och nach net deen, deen s de wëlls sinn.



Et geet drëm, dän Ausgesinn opzebauen, deen ze ginn, deen s de wierklech bass!



Dat kléngt alles super, wat s de sees ... mee maachen ech dann net lauter domm Feeler wann ech versichen mäi wierklecht Ech ze fannen?



Mee och déi, déi genee esou ausgesinn wéi si sinn, kënnen Feeler maachen!





!?!?!!



O, flüttl! D'Raumschëff! Mee du verstees wat ech mengen ...

Also éierlech gesot, d'Demonstratioun hätt elo net misste sinn.




Najma?

?



...



ADHS* ass eng multifaktoriell Stéierung. Zu de Symptomer gehéiere Konzentratiounsschwieregkeeten, Hyperaktivitéit an Impulsivitéit.

Verschieden Erklärunge bezéie sech op d'Gréisst vu bestëmmten Deeler am Gehier.

Anerer féiere se op d'Verännerung vun de Gehiernetzwierker zeréck.

*Opmierksamkeetsdefizit-/Hyperaktivitéitsstéierung

Eng vun den Haapterklärungen ass en niddregen Taux un Neurotransmitter.

Mir si cheemesch Bueten an dengem Gehier. Mir si verantwortlech, fir d'Konzentratioun oprechtzëerhalen a fir d'Emotiounen an d'Impulsivitéit ze regléieren.

Dopamin Noradrenalin

Dat alles ka sech op d'Behuelen (B) an op d'Opmierksamkeet (A) auswierken.

Aa! Et ass einfach ze vill lass - Ech ka mech net konzentréieren!

Hal op mat wackelen, wannechgelift!

Ech kann net ophaalen...

Mir brauche méi Neurotransmitter!

Näischt dol

Ech wetten, do leeft eppes schif mat den Neuronen!

Komm mir gi mol kucken!


Sendere

Empfänger

Wat maachen déi???

D'Sendere sollen am Fong net esou vill Neurotransmitter zeréckhuelen -









Najma, kanns de wannechgelift ophalen op déi Foto ze kucken?

Wat solle mer maachen? Kuck der dee Koup High-Tech-Schrott un!

D'Bau-Bots sinn och fir näischt méi ze gebrauchen.



O, neel! Mengs de mir kéinte selwer e provisoeresche Shuttle bauen?



Du mengs wuel, kanns DU e provisoeresche Shuttle bauen? Ech sinn nëmmen e Fleege-Bot.



Neel Weess de wat? DU hëllef mir!



Du bass geckeg, Najma!



Spuer der deng Kraaft, K4T-GPT. Komm mir rafen dee Krom hei op ...


Hei, kuck ... déi Rettungskapsel hei schéngt intakt ze sinn. Villäicht kënn mir déi benotzen?



Gesäis de, du schléis dech guer net esou schlecht. Fënns de net?


Joi! Dës mënschlecht Geschier passt mir wéi uegoss.

Du bass wierklech eenzegaarteg, K4T-GPT. An du gesäis och esou aus. Dat kanns de mer gleewen!



Eise Shuttle awer och, fënns de net?


Wiers de esou léif a géifs de Countdown fir de Start maachen?



10...9...8...7...6...5...4...3...2...1...LASS!



Najma, Najma, mir hunn et gepackt!



Najma?



Ech war e Gedankenexperiment.
De Schrödinger hat sech iwwerluecht,
mech an eng Këscht mat radioaktivem
Material an déidlechem Gëft ze setzen.



D'Gëft gëtt duerch de Verfall vum radioaktive Material
aktiviert. Well d'Këscht zougespaart ass, wëssen déi,
déi sech baussent der Këscht befannen, net, ob ech
nach liewen oder schonn dout sinn. Soulaang d'Këscht
zou ass, sinn ech theoreetesch dout A lieweg.





Da lass! Maach virun!



Elo klamme mer d'Quantiséierungs-leeder erof!



Kënne mer net erofruitschen, sou wéi d'Pompjeën?



Nee! Et ass eng Quanteleeder. Se ass net kontinuéierlech.



Erofrutsche geet awer vill méi séier!

Jo, mee d'Quantewelt huet e puer gelunge Reegelen. Du kanns net rutsche wéi an enger normaler Welt.

Dës Leeder entsprécht den Energie-Niveaue vun engem Partikel, wéi engem Atom oder enger Moleküll, déi net kontinuéierlech mee diskreet sinn. Dës Partikel kann Energie nëmmen a gewësse Quantitéiten ophuelen oder ofginn, an déi nennt ee „Quanten“.

Du kanns nëmme vun engem Niveau op deen anere sprangen.

Een Niveau erofsprange bedeit, datt s de Energie verléiers, a ganz ënne vun der Leeder entsprécht dem déifsten Energie-Niveau.

A wéi këns du erof?

Du dréis mech -

WATGELIFT?



Bass de midd? Dat misst de am Fong sinn! Du wäerts immens midd sinn, wa mer ënnen ukommen.



An elo gi mer d'Ongewëssheetstrap erop.



Ech weess, du bass midd. Ech hoffen dës Elektrone kënnen dir hëllefen.

Mee mir sinn dach elo just eréischt erofkomm!

Ech sot der jo, d'Reegele sinn hei anescht. Dat ass deen eenzege Wee fir eraus.





Dës Elektrone wëllen eropgoen, mee fir een Träpple méi héich ze kommen, brauche si eng gewësse Quantitéit un Energie. D'Elektronenenergie schwankt a kuerzen Ofstänn - den Energie-Zäit-Ongewësseheetsprinzip. Dat heescht, datt d'Elektronen zwar sprange kënnen, mee datt se ouni e Photon net wäit kommen an erëm zeréckspringen.



D'Elektrone kréien hir Energie vun de Photonen. D'Photonen sinn einfach nëmme Liicht. All Photon huet eng gewësse Quantitéit un Energie. Violett Photonen hunn déi meeschten Energie.



Wann e Photon op en Elektron knuppt, gëtt dës Energie opgeholl an den Elektron ka vill méi wäit springen.



Den Elektron ka vill Träppleker eropspringen, wann de Photon, deen an e knuppt, vill Energie huet.





Wat fir en Elektron hält mech da mat erop?
Dat weess keen! Fänk en Elektron! Wéini waert e Photon laanscht kommen? Dat weess och keen! Waert en draknuppen? Keng Anung!





Dat ass jo awer esou eppes vun ongewëss - Ech huelen deen hei, an hoffen dat Besch.













Moment - spioniere mir dann esou d'Verbraucher*innen hir Daten net aus?!


Hey!



Keng Angscht!



Éier d'Date bei d'KI kommen, gi se virbearbecht an anonymiséiert. Sensibel Informatiounen, wéi d'Identifikationsnummere an de Standuert, ginn erausgeholl. Nëmme d'Vebrauchsdate bliewen.




Mir setze souguer en Dausche bäi, fir datt mir d'Daten op Grondlag vun de Verbraucher*innen sengem Verhalten net zeréck bei hie verfolge kënnen.



A well d'Daten anonym sinn, ass et onméiglech, d'Verbraucher*innen ze identifizéieren.


Ok, ech verstinn. Déi KI weess also net wien ech sinn.




Mee wëll dat dann elo heessen, datt d'KI d'Stroumnetz kontrolléiert?



Nee, keng Angscht. D'KI ass hei einfach nëmme en Iwwerwaachungs-instrument, fir potenziell physikalesch Geforen ze erkennen.



D'KI iwwerwaacht alles, mee MIR treffen d'Entscheidung. Si huet keng „Muecht“ iwwert d'Stroumnetz





Raphaël-22?
Raphaël-22, Lëtzebuerg
hei. Alles an der Rei?

JO!

Jo, Lëtzebuerg!
Mir sinn um Wee fir
heem, alles gutt.

K4T-GPT,
mir fléien
HEEMI!

Jo, mee dat
dauert Méint,
Najma.



Relax, K4T-GPT. Mir
hu genuch Energie,
Iessen a Sauerstoff.

Ech weess, mee du wäers
geckeg ginn ouni d'äi
ChronoPilot-Brëll. Du brauchst
en, fir d'Gefill ze hunn dass
d'Zait géif méi séier ëmgoen.

Kann ech net einfach all déi
wäertvoll Zait mat gudden
almoudesche Bicher verbréngen?

Nee, mir kënnen eis net
erleben datt s de
ofgelenkt gëss. Du muss
konzentriert bliwen.

Stell der vir, d'äi Gehier ass e Raumschëff, dat duerch de Weltall navigéiert, an datt d'ëst Raumschëff vun enger ganzer Ekipp vu klengen Najmae gesteuert gëtt.

D'Kapitänin steet vir. Hiren Haaptjob ass et mam Raumschëff duerch de Weltall ze navigéieren.

Währenddeem ass d'Ekipp am Hannerzëmmer a bearbecht sougenannt Randinformatiounen.

Et gëtt och e Pacemaker, deen d'Zait moosst. Wann de Pacemaker ze vill fokusséiert ass, da passt d'Kapitänin ze vill op d'Zait op an huet d'Gefill, datt d'Zait méi lues vergeet. D'Kapitänin langweilt sech dann an hält op sech op hir Aufgaben ze konzentréieren.


Dat wier immens geféierlech!

Do kënnst dann de ChronoPilot an d'Spill. En erweidert deng Realitéit mat e puer zousätzlechen Detailer, déi d'Ekipp bearbecht kann. Du gesäis, d'äi Gehier ass immens gutt am Prioriséieren.

D'Saach ass, der Ekipp just genuch Randinformatiounen ze ginn, fir e bëssen Drock op de Pacemaker auszeüben, ouni d'Kapitänin ofzelenken.

Dëse Prozess mécht, datt ee mengt, d'Zait géif méi séier vergoen, während d'Kapitänin sech voll a ganz op d'Steiere vum Raumschëff konzentréiere kann.

Remark: Den Zentrum vun der Opmierksamkeet gouf fir méi Kloorheet vereinfacht an ass wëssenschaftlech net ganz exakt.



Si mer schonn do?

Ech gi geckeg.

Laaangweilig.

D'Zait schéngt
onendlech ...

Eenanzwanzeg,
zweeanzwanzeg,
dräianzwanzeg ...

Mega einfach, scho bal ze einfach.
Ech fanken einfach un d'Sekonnen
duebel ze zielen fir et méi interessant
ze maachen. Jo, voll cool!



Kuck!

Kuck!

Kuck!

Wat e schéinen Dag!

Aaa, hal sel Ech
verléieren den
Iwwerbléck!





Ok, dat kléngt no Spaass.
Chrono me up, Scotty!

Aha, ech verstinn,
wat s de méchs!
Bass de prett fir
ze fléien, ze fléien
wéi en Adler?



Direktioun Zukunft, meng
ChronoPilot-Kapitanin!

Du wäers méi Informatiounen aus
denger Émgéigend ophuelen.



Wow, dat ass
erstaunlech, K4T-GPT!




Ech ka mech un déi Honnerte vu Moolzechten
an un all eenzele Maufel erënneren déi ech gress
hunn zanter mir de Mars verlooss hunn, an et fillt
sech trotzdem un, wéi wa mer eréischt virun e
puer Woche fortgeflu wieren.



A kuck wou mer scho sinn!
Dees de de ChronoPilot net
aus fir ze landen?



Nach net. Ech
doen en aus, wann de
Fallschirm opgeet.



Bis dohinner wëll ech all leschten Detail
vun eiser Heemrees genéissen, K4T-GPT!
Mir sinn endlech nees doheem!

A weess de wat? Ech hätt et ni
ouni main Eenzegearteg-Bot gepackt!

ANTOINE GRIMÉE

Joergang 1992, den Antoine "Tunn" Grimée huet 2017 säi Master an der Narratioun op der École de recherche graphique zu Bréissel gemaach. No senger Studien huet hie mat de Bande-dessinéeën an der Illustratioun ugefaangen. Niewent Publikatiounen wéi *De Coyote am Schofspelz* an *D'Geheimnis vum verschwonnene Sall*, huet hien verschidden Illustratioune fir de kulturelle Milieu zu Lëtzebuerg realiséiert a publizéiert reegelméisseg Comics vun enger Säit iwwer historesch Personnagen an der Warte-Perspectives.



Antoine



Daniela



Fabien


Watt ass lass? D'Chronik vum Smart Grid

An enger Welt, an där den Energiebedarf enorm zouhëlt an d'Ëmweltfroen am Vierdergrond stinn, wäert d'Fusioun vun der kënschtlecher Intelligenz (KI) mam Stromnetz vu grousser Bedeitung sinn. KI kéint dem Energieverdeelungssystem eng héich Upassungsfäegkeet bréngen, andeem se d'Leeschtung optimiséiert, Nofromustere virausset an en effikasst Management vun den erneierbare Ressourcë vereinfacht. Och wann d'Afféierung vun der kënschtlecher Intelligenz (KI) an d'Stromnetz vill Virdeeler mat sech bréngt, sou muss een awer och den héijen Energieverbrauch vun de KI-Systemer bedenken. Mat dësem Comic wëlle mir d'Bewosstsi fir d'Virdeeler an d'Limitte vun der KI an eisem Alldag schäerfen an e puer Grondprinzippe vun dëser revolutionärer Technologie um Beispill vum Stromverbrauch a vun der Stromverdeelung ervirhiewen.

D'**Daniela Hau** vun der Faculty of Humanities, Education and Social Sciences (FHSE) setzt de Fokus vun hirer Fuerschung op d'Facteuren, déi d'Akzeptanz vun der kënschtlecher Intelligenz (KI) duerch d'Léierpersonal am Bildungsëmfeld beaflossen.

D'Léierpersonal spillt eng wichteg Roll bei der Entscheedung, ob „nei Technologien“ an der Klass ugewannt solle ginn oder net. Verstoen, wéi si d'KI gesinn an akzeptéieren, ass deemno eng wichteg Grondlag fir déi zukünfteg Bildungsfuerschung an d'Entwécklung vun der Politik.

De **Fabien Bernier** ass Doktorand am zweete Joer um Interdisciplinary Centre for Security, Reliability and Trust (SnT, Uni Lëtzebuerg) a Member vum SerVal-Team. De passionéierten Informatikingenieur vun Nanzeg (Frankräich) huet seng Studien 2021 ofgeschloss. Hien interesséiert sech souwuel fir KI wéi och fir Konscht.



NADINE SCHOLTES

D'Nadine Scholtes (gebuer 1992) ass Illustratrice a Comiczeechnerin, a lieft zu Lëtzebuerg. Si huet schonn ëmmer gemoolt. Am Alter vu 16 Joer huet si ugefaangen, Konscht am Lycée des Arts et Métiers ze léieren, an e puer Joer drop krut si hire Bachelor-Diplom am Kommunikatiounsdesign op der Hochschule Trier.

Si ass säit 2019 offiziell Freelance-Illustratrice a schafftt zanterhier u verschiddene Projeten. Ee vun dëse Projeten ass e Comic mam *Northstars Yule Be Sorry*. Si huet och hir eege Comic-Serie, déi *Cool Uncle* heescht, kreéiert.



Nadine



Angélica



Fécilia



Firwat esou zerstreet?

ADHS (Opmierksamkeetsdefizit-/Hyperaktivitéitsstéierung) betrëfft weltwäit 5,3 % bis 5,9 % vun de Kanner a Jugendlechen. D'Kanner leide virun allem am schouleschen Ëmfeld ënner dëser Stéierung, wou vun hinnen Opmierksamkeet a Kontroll iwwer hiert Verhalen erwaart gëtt. Mat dësem Comic wëlle mir de Leit méi bäibringen iwwert d'ADHS.

D'**Angélica Mendes** ënnersicht d'Rapprochement-Vermeidungs-Motivatioun an d'exekutiv Funktiounen vun de Kanner am Departement fir Verhalens- a Kognitivwëssenschafte vun der Faculty of Humanities, Education and Social Sciences (FHSE).

D'**Fécilia Jeannelle** vun de Laboratoire National de Santé (LNS) ënnersicht d'Ënnerschrëften an d'Äntwerte vun Astrozyten op Noradrenalin mat Hëllef vu primären Zellkulturen. D'Zil ass, d'Veännerunge vum noradrenerge System an d'Auswierkungen op d'Astrozyten an engem mat Alzheimer betrouffene Gehier ze verstoen.

SNEJANA GRANATKINA

D'Snejana ass eng multidisziplinär visuell Kënschtlerin, Illustratrice a Grafikdesignerin, déi zu Lëtzebuerg lieft.

Virwëtzege a villsäiteg wiesselt si tëscht digitaler Aarbecht, Molerei op Leinwand an Illustratioun hin an hier. Si fënnt Inspiratioun am Inhalt an an der Iddi vum Projet. Dofir kann hire Stil jee no Technik an Approche variéieren.



Snejana



Byjesh



Flaviene

Eng quantastesch Rees

Wéi verhält sech en Atom oder eng Moleküll? Wësst Dir, wéi verréckt d'Reegele sinn, déi nanokleng Partikele wéi Elektrone bestëmmen? Déi spannend Äntwert op dës Fro gëtt d'Quantephysik hier, an ass grondleeënd fir d'Materialfuerschung. Dës Comic zielt d'Geschicht vun enger Rees duerch eng imaginär Landschaft, bei där e puer vun de Grondiddie vun der Quantephysik erkläert ginn.

De **Byjesh Nalini Radhakrishnan** ass Fuerscher am Departement vun Physics and Materials Science op der Uni Lëtzebuerg. Säi Fuerschungsfokus läit op der theoreetescher Physik vun der kondensierter Matière, virun allem Quanten-Vielteilchen-Systemer.

D'**Flaviene Scheidt de Cristo** ass Doktorandin um SnT vun der Uni Lëtzebuerg. Si setzt de Fokus vun hirer Fuerschung op d'Verbesserung vun der Diffusioun vun Noriichten an onstrukturéierte Peer-to-Peer-Netzwerker.

JEFF HEMMER

De Jeff Hemmer (gebuer 1982) ass e Freelance-Comiczechner an -Illustrator vu Wuermer, deen den Ament zu Bremen lieft a schafft. Hien huet Kaze gären a schafft besonnesch gär um Schnëttpunkt vu Comic a Bildung. Wann hien net grad moolt, dann animéiert hie mat Leidenschaft Workshops.



Jeff



Sahar



Alexis

Duerch Geescht a Raum

Mir si begeeschtert Fans vu Science-Fiction-Literatur an alle Formen, an d'Iddi, „eng Rakét mat Menschen op de Mars ze schéissen“ an „de Mars ze besidelen“, waren zwee relevant Fuerschungsschwéierpunkten wat d'laang Dauer vun esou enger Rees ugeet an d'Potenzial fir eng nei Zivilisatioun um Mars mat hiren eegene kulturelle Charakteristike wéi Moud a Relioun z'entwéckelen.

Als Member vum EU-finanzéierte Projet ChronoPilot, erfuerscht d'**Sahar Niknam** d'Modulatioun vun der Perceptioun vun der Zäit an der vermëttelter Realitéit am VR/AR Lab (Departement vun Computer Science) op der Faculty of Science, Technology and Medicine (FSTM) vun der Uni Lëtzebuerg.

Den **Alexis Vandeweerd** ass Fuerschungsassistent op der Luxembourg School of Religion & Society an Doktorand um Institut d'Études des Romanes, Médias et Arts (IRMA) vun der Uni Lëtzebuerg. Den Ament schafft hien un der Ikonologie vum Martin Margiela senger Moud no visueller Gesichtsformen, op der Sich no engem Konzept vu profaner Mystik.



D'**Céline Lecarpentier** ass d'Projektmanagerin vun der drëtter LUXplorations-Edition. Hatt huet Iwwersetze studéiert, fir Literaturowwersetzerin ze ginn, huet dann awer de Projektmanagement entdeckt a weider Literaturvermittlung studéiert. Hatt interesséiert sech fir all Typ vu Wëssenschaft a léiert immens gär nei Sujeten a Sproochen.

De **Serge Haan** ass Professor fir biologesch Chimie am Department of Life Sciences and Medicine vun der Uni Lëtzebuerg. De Schwéierpunkt vu senger Fuerschung leit op de molekulare Krankheitsmechanismen am Zesammenhang mat der Entwécklung an der Metastaséierung vun Daarmkriibs: Wéi bauen d'Kriibszelle Resistenz zu Behandlungen op a wéi interagéiere si mat hirem Mikroenvironnement? Zur Grënnung vum DESCOM-Projet koum et duerch säi groussen Interessi un der Vermëttlung vun der Wëssenschaft un d'Effentlechkeet.



Den **Oliver Glassl** ass Expert am Bildungsmanagement an huet eng laangjäreg Erfahrung am akadeemeschen Enseignement an an der Entwécklung vu Léierpläng. Hien huet Sproochentherapie a Betriebswirtschaft studéiert. Aus senger Fuerschungsarbeit am Beräich vun der Neurorehabilitatioun si verschidde Publikatiounen ervirgaangen. Den Ament schafft hien als Projektmanager fir d'Faculty of Science, Technology and Medicine op der Uni Lëtzebuerg a gehéiert zum DESCOM-Team.

De **Bruno Teheux** ass Assistent Professor am Departement of Mathematics (DMATH) op der Universiteit Lëtzebuerg. Hien organiséiert immens gär Aktivitéiten, déi jidderengem erlaben, déi verschidden Aspekter vun der Fuerschung an der Mathematik ze experimentéieren, a fir sech esou bewosst ze ginn, wéi modern dës Disziplin ass. Fir hie gétt et keng Mathematik ouni Pleséier!



D'**Veronika Mischitz (Véro)** war fréier Biologin a schafft elo als visuell Geschichtenerzielerin. Sait iwwer engem Joerzéngt entwerft si (Wëssenschaft-)Comics fir verschidde Clienten a verzaubert esou Kanner an Erwuessener mat hirem Handwerk. Si ass virwëlzeng an huet e Sënn fir Verwonderung. Esou exploréiert si immens gär onbekannt Gebidder a léiert dobäi nei Saache kennen, déi si spéider a spannend Geschichten verwandelt. Si ass Mentorin fir LUXplorations.

D'**Jessica Burton** huet hir Doktorat am Luxembourg Center for Contemporary and Digital History (C2DH) ofgeschloss a schafft un der Relatioun tëscht europäesche Comic Transfere an den 1960er Joren am Kader vum Projet Popkult60. Eier si mat hirem Doktorat ugefaangen huet, huet si als Editor fir Titan Comics geschafft, un Titele wéi z. B. Doctor Who. Si ass Mentorin fir LUXplorations, an enseignéiert Geschicht vun de Comics op der Uni.



D'**Valérie Minelli** ass eng lëtzebuergesch Cartoonistin, déi an Däitschland leeft. Si schreift an zeechent den internationale Webcomic *MrsFrollein*, dee Freed a Léift bréngen soll. Si huet fräi Konscht an duerno Kommunikatiounsdesign mam Schwéierpunkt Comics zu Saarbrécken studéiert. Zanter 2021 enseignéiert si an Owescoursen op der Hochschule der Bildenden Künste Saar d'Fach „Comics und Graphic Novels“ an hofft esou, Leit vun all Alter d'Comiczeeche méi no ze bréngen. Wa si net grad Comics entwerft, illustréiert si am léifste Kannerbicher.

Den **Andy Genen** (Joergang 1979) war schon als klengt Kand vun all méigleche Bande-dessinéeë begeeschtert. Nom Ofschloss vu sengem Comic-Studium um Institut St-Luc zu Bréissel huet hien ugefaangen, als selbstännegen Illustrator / Comiczeechner ze schaffen, an illustréiert seitdem vill verschidde Projeten. Zu senger bekanntste BD-Aarbechten zielen ënner anerem d'Trilogie *De leschte Ritter* mam Lucien Czuga a gemeinsam Projete mam John Rech (ë.a. *Dream Catcher*, *Alex & Tun*). Zu senger Solowierker zielen *De Roude Puma* a seng aktuell Serie *Tow & Tank*.



MERCI un all déi, déi un dese Wëssenschaft-Comics matgewierkt hunn, virun allem den akadeemesche Betreier, déi d'Bande-dessinéeën op hir wëssenschaftlech Richtegkeet kontrolléiert hunn, an zwar den Jean Botev (Unilu), den Alberto Fabio Ambrosio (LSRS), den David Bouvier (LNS), den Thomas Schmidt (Unilu) an den Matthieu Jimenez (Unilu). Mir soen och dem Luxembourg Learning Centre (LLC), Aliénor Gandanger, Chantal Englert, Sabine Schmitz an Berta Rato fir hir Ënnerstëtzung Merci.




linktr.ee/scholtesnadine


SNEJANA GRANATKINA
S-NEIGE@HOTMAIL.COM



JEFF HEMMER // Comic & Illustration & Workshops
AFURNISHEDSOUL.INFO // INSTAGRAM @AFURNISHEDSOUL



TUNN
Illustration &
Bande dessinée
● tunn.lu
f tunnillustration
@ Tunn



© Universit t L tzebuerg, September 2023. Band 3,  ischt Editionn.

Ver ffentlecht  ner Creative Commons CC BY-ND 4.0. Dat heescht, datt jiddereen d'Material an all Medium oder Format reproduzieren a publizieren d erf, virausgesat, datt d i entspreichend Quell genannt g tt an d'Wierk net ver nnert g tt.

Bedelegt K nschtler*innen: Val rie Minelli (S. 1), Jeff Hemmer (S. 3-4, 9, 14, 19-20), Nadine Scholtes (S. 5-8), Snejana Granatkina (S. 10-13), Antoine Grim e (S. 15-18), Andy Genen (Cover, Portraitsen)

Gedr ckt zu L tzebuerg ( ilereng) vu Reka Print + www.reka.lu
ISBN: 978-2-87971-188-1



Disclaimer: D se Comic ass eng Fiktioon a spigelt net d'Meenung vun der Uni.lu, enger anerer Organisatioun oder iergendengem Personnage er m, deen an d ser Ver ffentlechung virk nnt. All d'Evenementer an d'Personnagen an d sem Comic – och d i, d i op richtige Persoune berouen – si fr i erfונnt. All  nlechkeet mat reellen oder fiktive Personnagen, lieweg oder dout, ass reng zouf lleg.

E BESONNESCHE MERCI GEET UN EIS SPONSOREN

DSHSS | DOCTORAL SCHOOL
IN HUMANITIES AND
SOCIAL SCIENCES

Supported by the
Luxembourg National Research Fund (FNR)



DESCOM | DOCTORAL EDUCATION
IN SCIENCE
COMMUNICATION



LUET DE BD EROF
sciencecomics.uni.lu

GITT EIS ÄR KOMMENTAREN HEI OF

